



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. September 2022

Här President,


esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An der Press gëtt de 24. Abrëll de PNED (plateforme d'échange de données nationale) annoncéiert, an zwar als wirtschaftlechen Interesseverband. Dës Plattform offrëiert Zerwisser zu Lëtzebuerg an iwwe Lëtzebuerg eraus mat Daten, déi zu Lëtzebuerg an iwwe Lëtzebuerg eraus gesammelt goufen. Besonnesch de Wirtschaftsministère schéngt ze hoffen, datt sech Clienten an de Beräicher Mobilitéit, Logistik, Weltraum a Landwirtschaft fannen. De Projet, deen elo op d'Been gesat gouf an deen och Date vum Health Data Hub soll integréieren, werft eng Rëtsch Froen op:

1. D'PNED-Plattform selwer soll, laut Press (Paperjam vum 24. August), op legal Zwäng oppassen. Allerdéngs sinn d'Technologien, déi aus der Verknäppung vu villen ënnerschiddlechen Datebanken an Datamining-Software, entstane sinn, esou performant, datt Anonymitéit nëmmen nach e vage Begrëff ass an aus manner sensibelen Donnéeën, déi online ze fanne sinn, haut schon individualiséiert Bréiwer kënne gezu ginn. Wéi gesäit d'Regierung hei d'Gefor vum gliesene Bierger op Grond vun a priori vertrauleche Regierungsinformatiounen?
2. Ass bei der Komplexitéit vun der Technologie an de quasi onendleche Recherche- an Data-Mining-Méiglechkeeten iwwehaapt eng juristesche Garantie méiglech, datt dem Bierger seng Privatsphär onverletzt bleift?
3. Ass beim Zougrëff op ënnerschiddlech Regierungs-Datebanken iwwehaapt drun ze denken, datt dës Donnéeë kéinten anonym bleiwen, wa wierklech intensiv gekuckt gëtt?
4. Wäre et an deem Moment net opportun, all Lëtzebuurger Resident verschidden Optiounen ze offrëieren, an zwar
  - en totalen Opt-Out aus deem ganze Projet,
  - e partiellen Opt-Out aus eenzelen Datebanken (oder eng gezilt Erlabnis, wat fir Donnéeën de PNED därerf notzen)
  - d'Méiglechkeet zu all Moment einfach an transparent ze verlaangen, datt Donnéeën, déi sech op déi eege Persoun bezéien an am PNED genotzt goufen, musse geläscht ginn.

5. Vu datt déi mannste Leit sech eng Virstellung dervu kënne maachen, wat fir aussergewöhnlech Recherchefäegkeete modern Computer-Technologie duerch d'Verknäppung vun Datebanken huet, ass dru geduecht ginn, de Bierger esouwuel öffentlich wéi individuell iwwert de Projet do ze informéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten